3. oppenen Appell fir
Projete fir Lauschterspiller

# Lauschtergeschichte
# fir Kanner vun 3 bis 4 Joer

Delai: 8. Juni 2026

## Cahier des charges

### 1. Kontext

De Média de service public 100,7 lancéiert en Appel à projets fir en neie Podcast fir seng "Kannerkëscht", d'on-demand Plattform vum Radio 100,7 mat Geschichten an Informatioune fir Kanner tëscht 3 an 12 Joer.

Den MSP 100,7 bedreift d'Radiosender Radio 100,7 an Opus mat hire Websäiten a mobillen Applikatiounen. Als ëffentlech-rechtlechen Etablissement gëtt e mat enger Dotatioun aus dem Staatsbudget finanzéiert fir eng Service public Missioun ze erfëllen.

Bei dësem Projet geet et dem MSP 100,7 drëm, seng Offer fir Kanner weider auszebauen, mat innovativen, héichwäertegen, neien an exklusiven Inhalter – a Lëtzebuerger Sprooch an ugepasst un de Lëtzebuerger Kontext.

Den MSP 100,7 kënnt domadder sengem Engagement (Art. 4, 11. Tiret) aus senger Finanzéierungskonventioun mam Staat fir d'Joren 2024-2030 no, seng Offer fir Audio-Inhalter fir Kanner a Jonker auszebauen, dëst am Respekt vun hire Mediekonsumsgewunnechten a vun de Wäerter vum Service public.

Dëst ass den drëtten Appel, deen den MSP 100,7 zënter Januar 2025 lancéiert. D'Produktioun aus dem éischten Appel, "Dräi luusseg, muusseg Monsteren", kann an der Zwëschenzäit op *kannerkëscht.lu* gelauschtert ginn.

### 2. Erwaardungen un d'Projeten

D'Projeten, déi am Kader vun dësem Appel gesicht ginn, sollten dëse Charakteristike gerecht ginn:

#### a) Thematik

D'Thematik vum Podcast ass fräi. Et ka souwuel fiktional wéi dokumentaresch sinn, sollt awer an iergendenger Form e Bezuch op Lëtzebuerg respektiv op d'Liewensrealitéit vu Lëtzebuerg am Joer 2026 hunn. D'Geschichte sollen awer en zäitlose Charakter hunn, also den Usproch hunn, och a fënnef Joer net vereelzt ze kléngen.

#### b) Genre, Veraarbechtung an Tonalitéit

D'Projeten, déi am Kader vun dësem Appel gesicht ginn, sollen d'Méiglechkeete vum Toun ausnotzen, am Genre vum Lauschterspill, fir Ambiance an Emotiounen ze vermëttelen – iwwer Stëmm(en), Sounddesign a Musek.

D'Episode sollen e Spannungsbou hunn, deen awer dem Alter vum Zilpublikum ugepasst bleift.

Den Toun soll am Ensembel frëndlech bleiwen an op schwaarz/wäiss Molerei verzichten.

Och wann d'Kanner d'Zilpublikum sinn, soll d'Produktioun och fir Erwuessener uspriechend sinn.

### c) Format

Den Appel à projets viséiert d'Produktioun vu mindestens 12 Episode vun 6-12 Minutten, déi a sech selwer ofgeschloss sinn, also eenzel gelauschtert kënne ginn. Si sollen awer e gemeinsame Fil conducteur hunn, z.B. déi selwecht Personnagen, déi zeréckkommen, sinn, oder déi selwecht Thematik an Erzielform, etc. D'Geschichte wäerten zu jeeweils 6 Stéck mateneen publizéiert ginn.

### d) Zilpublikum

D'Lauschterspiller adresséiere sech u Kanner am Alter vun 3 bis 4 Joer, also u Kanner aus der Education précoce. Si sollen inhaltlech am Liewensëmfeld vu Kanner zu Lëtzebuerg an dësem Alter spillen, sproochlech un dës Alterskategorie ugepasst sinn a vun de Personnagen hier, hier Wierklechkeet erëmspigelen.

Heibäi soll berécksiichtegt ginn, datt bal 45% vun de Kanner an der Grondschoul net d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn. Fir iwwer zwee Drëttel ass Lëtzebuergesch doheem net déi meescht geschwate Sprooch. Bal 90% vun de Kanner zu Lëtzebuerg ginn awer an déi ëffentlech Schoul, wou si Lëtzebuergesch léieren. Zumols am Précoce gëtt d'Basis heifir geluecht.

D'Zilpublikum couvréiert souwuel Kanner, fir déi Lëtzebuergesch d'Mammesprooch ass, wéi och Kanner, deenen hier Eltere kee Lëtzebuergesch schwätzen, mä déi Lëtzebuergesch am Alter tëscht dräi a sechs Joer fir d'éischt am Précoce an duerno an der Spillschoul léieren. D'Lauschterspiller solle weder spezifesch fir déi eng nach fir déi aner gemaach sinn, mä déi zwou Gruppen zesummen uschwätzen.

D'Lauschterspiller solle sech u Jonge wéi Meedercher adresséieren, sou wéi u Kanner aus all sozio-ekonomeschem a sozialem Hannergrond.

### e) Finalitéit

D'Lauschterspiller solle fir d'Kanner eng amusant a léierräich Ënnerhalung sinn, déi ouni Biller oder Ecran hier Fantasie ureegt an hier Sprooch beräichert. Si sollen hinne Wäerter wéi Eierlechkeet, Gerechtegkeet, Fairness, Respekt, Solidaritéit a Verantwortung vermëttelen a mat de Grondprinzippie vun der Kannerrechtskonventioun am Aklang sinn.

D'Lauschterspiller solle kënne souwuel vun de Kanner eleng, wéi zesumme mat Erwuessene gelauschtert ginn.

### f) Referenzen

- Krimimaus (Gigaphon / Raute Media) – als Beispill fir fiktional Lauschterspiller fir kleng Kanner;
    - https://www.rautemedia.de/produkt/krimimaus-staffel-1/
- ARD Sandmännchen: Kindergartenfreunde – als Beispill fir den Asaz vu Kannerstëmmen a Musek
    - https://www.ardaudiothek.de/episode/unser-sandmaennchen/kindergartenfreunde-abc-ich-kenne-schon-buchstaben/antenne-brandenburg/13638013/
    - https://www.ardaudiothek.de/episode/unser-sandmaennchen/kindergartenfreunde-ich-komm-in-die-schule/antenne-brandenburg/13653679/
- ARD/RBB: Ohrenbär – empfohlen ab 4;
    - https://www.ohrenbaer.de/podcast/empfohlen-ab-4.html

- RTÉ: Playscapes – als Beispill wéi een Zeenen an Téin aus dem Alldag grad sou wéi Rätselspiller asetze kann.
    - https://www.rte.ie/radio/podcasts/series/40093-playscapes
- RTBF Auvio: Kidikoi et Kiditou – als Beispill fir en edukativt Format;
    - https://auvio.rtbf.be/emission/kidikoi-et-kiditou-la-reponse-au-pourquoi-des-enfants-29365
- RTBF Auvio: Keskidi – als Beispill fir d'Ënnerstëtze vum Léiere vun enger Sprooch;
    - https://auvio.rtbf.be/emission/expressions-rigolotes-pour-les-enfants-keskidi-26752
- France Inter: Histoires de doudous – als Beispill fir de speziell op kleng Kanner ugepassten Asaz vu Sounddesign an Touneffekter sou wéi, mat Les notices de Toudou, als Beispill fir eng Verlängerung vun engem Kanner-Podcast mat engem Podcast fir Erwuessener;
    - https://www.radiofrance.fr/franceinter/podcasts/toudou

## 3. Formalitéite fir d'Areeche vum Projets-Dossier

De Projet muss:

- Den Erwaardungen, déi am Punkt 2. beschriwwe sinn, entspriechen;
- Vun engem onofhängege Produzent proposéiert sinn, entweder enger physescher Persoun ënnert dem Statut vum Independant oder enger moralescher Persoun (z.B. S.A., S.à R.L., ASBL, S.I.S.);
- Ënner professionelle Bedingunge realiséiert ginn, am Respekt vun de gesetzleche Regelen zur Comptabilitéit, de Steieren an dem Aarbechtsrecht.

Den Dossier:

- Muss virun dem 8. Juni 2026 um 12.00 Auer agereecht sinn. Mir roden de Kandidaten, hiren Dossier mat Zäit anzereechen, fir datt Sputt bleift fir ze reagéieren, wann et technesch Problemer bei Areeche géing ginn;
- Dierf maximal zwielef (12) A4-Säiten hunn; a sollt dës Elementer hunn:
    - En Deckblat, mam Titel vum Projet, mam Numm a Kontakt vum Produzent;
    - E Pitch vum Produzent (1 Säit Maximum);
    - Eng Note d'intention vum Haaptauteur mat enger Synopsis vun der Produktioun;
    - Kuerz Liewensleef vun all de Persounen, déi fir d'Produktioun wichteg sinn, mat, wa méiglech, Linken op Referenzen;
    - Eng Beschreiwung vun der Struktur an dem Format vum Projet (Unzuel an Dauer vun den Episoden sou wéi den Opbau vun der ganzer Staffel), Tonalitéit an Ambiance vun der Produktioun, Beschreiwung vun der Musek, déi soll genotzt ginn, Unzuel vu Stëmme fir d'Produktioun, etc.;
    - D'Pläng fir de Sounddesign vum Podcast an d'Visueller fir d'Mediathéik an de Marketing (Referenzen, Moodboard);
    - E provisoresche Budget;
    - E viraussiichtleche Planning fir d'Produktioun.

Den Dossier muss per Email un d'Adress projet@100komma7.lu geschéckt ginn. Déi verschidden Elementer vum Dossier mussen a Form vun engem eenzege PDF-Fichier als Annex un d'Email gespéngelt sinn.

## 4. Finanzement duerch den MSP 100,7

Den MSP 100,7 finanzéiert d'Projeten, déi zeréckbehale ginn, an zwou Phasen: Eng Entwécklungsphase, mat bis zu zwee Projeten, an eng Produktiounsphase, mat engem Projet.

Den MSP 100,7 behält sech vir, wann ënnert den agereechten Dossiere keen de formellen an de qualitative Kritären entsprécht, kee Projet ze finanzéieren.

### 1) Phase 1 – Entwécklungsphase

Ënnert den Dossieren, déi eragereecht ginn, ginn zwee Stéck preselektionéiert fir eng éischt Entwécklungsphase.

An dëser Phase kritt jiddwer Projet e fixe Finanzement vu maximal 3.500,- Euro TTC fir:

- Eng Pilot-Episode an enger ready-to-broadcast Qualitéit ze produzéieren;
- E kompletten an definitive Produktiounsdossier zesummenzestellen, deen et an der 2. Phase erlaabt, déi komplett Staffel an den Délaien an am Budget ze produzéieren.

D'Begleedung vum Schreiwen an der Produktioun vun der Pilot-Episode an dem Produktiounsdossier wäert duerch den MSP 100,7 superviséiert ginn.

Den MSP 100,7 behält sech vir, wann ënnert den agereechten Dossieren keen de formellen an de qualitative Critèren entsprécht, kengem Projet d'Produktiounsphase ze finanzéieren.

### 2) Phase 2 – Produktiounsphase vun der kompletter Staffel

Vun den zwee Projeten, déi fir d'Entwécklungsphase préselektionnéiert gi waren, gëtt een zeréckbehalen. Am Virfeld gëtt den Detail vum Produktiounsdossier an dem Budget tëscht dem Produzent an dem MSP 100,7 diskutéiert.

Dee Projet kritt e fixe Finanzement (deen all Volet vun der Produktioun ofdeckt) fir déi komplett Produktioun, dat ofgemaachent Promotiounsmaterial abegraff, ze produzéieren. Dëst ass e Festpräiss, wann de Budget dépasséiert gëtt, ass de Produzent responsabel.

Den MSP 100,7 wäert d'Produktioun duerch eegen oder extern Mataarbechter superviséieren an d'Scénarie virun der Produktioun validéieren.

### 3) Deliverables

- Komplett produzéiert Podcast-Episoden;
- Dokumentatioun vun der Produktioun mat de Verträg an der Regelung vun de Rechter mat all de Bedeelechten;
- Promotiounsmaterial mat Social Media Inhalter, Show- an Episode-Visueller, Communiqué, Making-off a Form vu Fotoen, Videoen an Texter.

### 4) Bezuelung

De Finanzement duerch den MSP 100,7 gëtt nom Ofliwwere vun de kompletten Deliverables op Rechnung bezuelt, souwuel fir d'Phase 1 wéi fir d'Phase 2. Fir d'Phase 2 ass eng Deelbezuelung no enger Deelliwwerung méiglech, wa se sou am Produktiounsdossier vun der Phase 1 vum Produzent ugefrot a vum MSP 100,7 akzeptéiert ginn ass.

## 5. Rechter

Mat der Finanzéierung vun der kompletter Produktioun akzeptéieren d'Produzenten an d'Auteuren, dem Média de service public 100,7 eng exklusiv Notzungslizenz fir d'ganz Dauer vun de Droits d'auteur op de Projet ofzetrieden. Während der Exploitatioun vun de Podcaste wäert den MSP 100,7 keng weider Paiementer maachen. (Paiementer, déi e. Ë. am Kader vum Vertrag tëscht dem MSP 100,7 a SACEM Luxembourg un d'Créateure bezuelt ginn, sinn dovunner net betraff.) Den MSP 100,7 wäert dem Produzent e Vertrag an deem Sënn virleeën.

D'Notzungslizenz couvréiert d'Recht d'Episoden komplett oder an Extraiten ze diffuséieren, an der selwechter Form oder net, op alle Kanäl, ob se haut existéieren oder eréischt geschafe ginn, lineaire

oder non-lineaire, ob vum MSP 100,7 bedriwwen oder Drëtter, iwwert wat fir eng Technologie och ëmmer, ob terrestresch Funkwellen, Kabel, Satellit oder Internet, ob d'technesch Couverture national oder weltwäit ass, op live oder on-demand, op unidirectionell oder interaktiv, op gratis oder géint Bezuelung, egal wéi d'Receptioun ass (op privat oder ëffentlech), egal op wat fir engem Endgerät (Radio, Televisioun, Computer, Smartphone, fixe, mobile, etc.).

Den MSP 100,7 wäert eng Optioun kréien, eng weider Staffel vum Projet beim Produzent an Optrag ze ginn. De Vertrag wäert och virgesinn, datt den MSP 100,7 (ënner verschidde Konditiounen a réischt vun engem gewësse Seuil un) um Benefice vun aneren Notzungen vun Elementer (z.B. de Personnagen) vun dësem Projet bedeelegt gëtt.

## 6. Diffusioun

Den zeréckbehalene Projet gëtt vum MSP 100,7 iwwert seng Kanäl an am Aklang mat senger Stratégie diffuséiert. Zu dëse Kanäl gehéiert d'Radiosdiffusioun iwwert FM an DAB+, de parallele Streaming iwwer Internet an d'disponibel maachen an der Mediathéik vun den Internetsiten an an de mobillen Applikatiounen, déi vum MSP 100,7 bedriwwe ginn. Den MSP 100,7 notzt och Drëttplattformen (Spotify, Apple Podcasts, YouTube, etc.), fir seng Inhalter ze verdeelen.

Déi genau Diffusiounsperiod hänkt vum Projet an dem Planning vum MSP 100,7 of.

## 7. Selektioun vun de Projeten

D'Projeten, déi de formelle Krittäre vum Punkt 3 entspriechen, gi souwuel fir d'Phase 1 wéi fir d'Phase 2 vun engem Selektiounskommittee op Basis vun de kreativen, kënschtlereschen an techneschen Aspekter vum Projet souwéi vun der Adequatioun tëscht der Finanzéierung an dem kënschtleresche Projet evaluéiert.

D'Evaluatiounskrittäre sinn am Detail déi folgend:

- D'Erfëlle vun den Ufuerderunge vum Cahier de charges: De proposéierte Projet entsprécht den Ufuerderunge vun der Produktioun vun engem native Podcast wat d'Demarche, de Skript, d'Tonalitéit, den Opwand, d'Logistik an d'Technik, d'Unzuel vu Produktiounsdeeg, d'Professionalitéit vun der kreativer Ekipp (Auteur, Realisateur, Produzent, Touningenieur...) an dem Montage iwwert dee ganze Kreatiouns- a Produktiounsprozess betrëfft;
- D'Adequatioun vum Projet a senger Ëmsetzung mam d'Zilpublikum;
- D'erzielerescht an d'edukatiivt Potential vun de Sujete vum Projet;
- D'Rigueur an de Respekt vun der journalistescher Deontologie wat d'Informatioun am Projet ugeet;
- A wéi wäit d'Produktioun vun den Episoden an der ganzer Staffel koherent an duerchduecht ass;
- D'Versteesdemech vun de Sujeten, déi traitéiert ginn;
- D'Kapazitéit vum Dossier, fir Loscht drop ze maachen, de Projet kënnen ze lauschteren;
- Bonus: Iwwerleeungen zur Kommunikatiouns- a Promotiounsstrategie vum Projet iwwert aner Weeër, wéi d'Kanäl vum MSP 100,7.

Bei der Selektioun gi bei gläicher Bewäertung vu Projeten déi, déi vun Artistes professionnels indépendants (cf. Gesetz vum 19. Dezember 2014) gedroe ginn, privilegiéiert.

De Selektiounskommittee kann d'Produzenten invitéieren, hire Projet perséinlech virzestellen, am Kader vun enger Videokonferenz oder enger Reunioun.

All Decisioun vum Selektiounskommittee zur Selektioun wäert motivéiert sinn.

## 8. Zäitplang vum Appell bis zur fäerdeger Produktioun

1) 16. Abrëll 2026: Publikatioun vum Appel à projets;
2) 8. Juni 2026: Délai fir d'Ofgi vu de Projeten;
3) 29. Juni 2026: Preselektioun vun zwee Projeten fir d'Phase 1;
4) Phase 1 – Entwécklungsphase (3 Méint);
5) 28. September 2026: Délai fir d'Ofliwwere vun der Pilot-Episod an dem Produktiounsdossier;
6) 12. Oktober 2026: Selektioun vum Gewënnerprojet fir d'Phase 2;
7) A Funktioun vum Produktiounsdossier: Phase 2 – Produktiounsphase;
8) A Funktioun vum Produktiounsdossier an der Strategie vum MSP 100,7: Diffusioun vum Projet

## 9. Kontakt

Fir all Froen, kontaktéiert w.e.g.:


Jean-Lou Siweck

Email: jlsiweck@100komma7.lu

Tél.: 44 00 44-810


## 10. Informatiounsquellen

Lauschterspiller hu vill mat Theater, Bicher a Filmer gemeinsam, sinn awer eng spezifesch Konschtform. Et gi ganz vill Bicher a Formatiounen zum Schreiwen, der Dramaturgie a Soundeffekter. Hei drënner sinn eng Rei méi spezifesch Informatiounsquellen zum Thema Lauschterspiller opgezielt:

### 1) Bicher

Richard Toscan
*Writing Audio Drama: Making Scripts that Work for Fiction & True Crime Podcasts*
ISBN: 979-8378489947
Independently published
2023

Kc Wayland
*Bombs Always Beep - 2nd Edition - "Revenge of the Beep": Creating Modern Audio Theater*
ISBN: 978-1648585388
Wayland Productions
2020

Barry M. Putt Jr.
*Stories Told through Sound: The Craft of Writing Audio Dramas for Podcasts, Streaming, and Radio*
ISBN: 978-1493065349
Rowman & Littlefield Publishers
2023

Claire Grove, Stephen Wyatt
*So You Want to Write Radio Drama?*
978-1848422834
Nick Hern Books
2014

Richard J. Hand & Mary Traynor
*The Radio Drama Handbook: Audio Drama in Practice and Context*
ISBN: 978-1441147431
Continuum
2011

## 2) Websäiten

BBC Writers Room
https://www.bbc.co.uk/writers
https://www.bbc.com/writers/resources/tips-and-advice/writing-radio-drama
https://www.bbc.com/writers/resources/tips-and-advice/writing-for-cbeebies
https://www.bbc.com/writers/resources/tips-and-advice/writing-for-cbbc
https://www.bbc.com/writers/scripts/radio-drama

Tony Palermo
Writing Children's Audio Theatre
https://ruyasonic.com/wrt_kids.htm

Philip Robotham
Tips and Suggestions for Writing Audio Drama for Kids
https://weirdworldstudios.com/tips-and-suggestions-for-writing-audio-drama-for-kids/

---